N°1653
Entrée le 11.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.12.2024

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 11. Dezember 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch, un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Inneminister weiderzeleeden:

„Déi lescht Woch ass zu Ettelbréck eng Persoun aus der Psychiatrie ausgebrach, déi e Mord begaangen hat.

An deem Kader wollte mir der Madamm Justizministesch, der Madamm Gesondheetsministesch an dem Här Inneminister follgend Froe stellen:

- Wéi huet de Fluchtwee vun dëser Persoun, déi an Däitschland festgeholl gouf, op eisem nationalen Territoire ausgesinn? Konnt déi Persoun op hirer Flucht vun anere Persounen identifizéiert ginn?
- Hat dës Persoun eng Waff bei sech? Waren zu bestëmmte Momenter aner Persounen a Gefor?
- Ginn et am CHNP nach aner geféierlech oder verurteelt Persounen, déi e Risiko fir d'Bevëlkerung duerstellen?
- Gëtt d'Sécherheetskonzept vum CHNP iwwerschafft a wäerten d'Infrastrukturen an deem Sënn sou séier wéi méiglech ugepasst ginn?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Fernand ETGEN
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu